

Schäfferotserklärung 2018-2023

Den 9. Oktober 2017, den Dag no de Wahlen hunn de Comité vun der *DP Sektoun Munneref* an *déi gréng* sech gesi fir iwwert e Weiderféiere vun der Koalitioun ze schwätzen. Obwuel d'*DP* d'absolut Majoritéit, mat 6 Sätz an 50,2%, engem Plus vun 9,3% vun de Stëmme bei de Gemengewahle kritt huet, war et kloer wéi de Wielerwëllen ze interpretéieren ass.

Mat engem Plus vun 2,5% fir *déi gréng* an dem Resultat vun hirem Spëtzekandidat mat engem Plus vu 86,5%, grad esou wéi engem Plus vun 132,9% vum Spëtzekandidat vun der *DP* an engem Plus vun 71,8% vum perséinleche Resultat vum Schäfte vun der *DP*, ass d'Aarbecht vun der leschter Majoritéit confirméiert a gestärkt ginn. Aus dësen Iwwerleeungen ass e kloeren Accord fonnt ginn fir *déi virecht Koalitioun* weiderzeféieren.

Fir eis Aarbecht am Sënn vun der Gemeng Munneref an hiren Awunner weiderzeféieren, hu mir d'Schäfferotserklärung vun *DP* an *déi gréng* ënnert den Titel vun

Weider mat Häerz a Séil am Asaz fir eis Gemeng

gesat.

Mir wëllen eis asetzen fir eng Gemeng wou d'Kanner, *déi Jugendlech*, *déi Erwuessen* an d'Seniore sech wuel fillen, wou et Freed mécht ze liewen, eng Gemeng wou een op d'Leit duergeet, wou e gesonde Mix aus Wunnen, Aarbecht, Fräizäit an Erhuelung besteet, wou d'Ëmwelt an d'Klima respektéiert ginn a wou mir op sinn fir d'Zukunft. An all eise politesche Projeten an Décisiounen steet Zesummeliewe vun all eisen Awunner ëmmer am Vierdergrond.

Fir eis Gemeng nach besser no fir ze bréngen, huet des Majoritéit och grouss Changementer am Fonctionnement an an der Aarbecht vun eise Kommissiounen envisagéiert. Heibäi geet et fir d'Sekretariat vun den Kommissiounen ze professionaliséieren duerch e Beamten aus der Gemeng, fir dass d'Aarbecht ka besser an méi gezielt weidergoen. D'Présencen *déi* eis an der Vergaangenheet vill Problemer besuergt hunn, ginn redefinéiert an d'Jetzen ginn ofgeschaaft.

Déi grouss Linne vun eiser Politik gesi folgendermoossen aus:

TRANSPARENZ

D'Awunner hunn e Recht fir gutt informéiert ze ginn. Eis Gemengepolitik fënnt nët hannert zouenen Dierer statt. Mir wëllen eng effikass, aktuell an enk Kommunikatioun mam Bierger, dëst och weiderhin ënner anerem iwwer den SMS2CITIZEN, informativ à "toutes boîtes", Reuniounen, "Budget on tour" an eisen 3 Sektounen, "Portes-ouvertes" mam Schäfferot, öffentlech Versammlungen etc. En Austausch tëscht de Generatiounen an Zesummenaarbecht mat eisem neie Service de la Jeunesse, grad ewéi den Nationalitéiten an alle Schichte vun der Bevëlkerung wëlle mir fördern fir de sozialen Zesummenhalt an der Gemeng ze stäerken.

BEDEELEGUNG VUN DE BIERGER

D'Kanner, *déi Jugendlech*, d'Erwuessener, d'Familljen an *déi aktiv Bevëlkerung* si gläichwäerteg Partner fir eis a mir wëllen de Bénévolat op allen Niveaue ënnerstëtzen. Eng Gemengepolitik mat a fir eis Bierger wou och e Jugendgemengerot seng Platz huet. Mir striewen och eng méi enk Zesummenaarbecht mat de Responsabele vum Handel a vum Tourismus un.

NOHALTEG ENTWÉCKLUNG

Mir féieren eis nohalteg Gemengepolitik weider mat Léisungen op laang Siicht déi finanzéierbar sinn, zukunftsorientéiert Aktiounen an eng ëmweltbewosst an energieeffizient Attitude bei all eise Projeten.

EIS ROLL AN DER REGION

Mir wëllen och weider eng Gemeng sinn déi iwwert hir Grenzen eraus kuckt an déi enk mat anere Gemengen zesummeschafft dës net nëmmen hei zu Lëtzebuerg mee och am Ausland. Eng Politik déi global denkt an an der Region interkonnektéiert ass fir zesumme méi Gewicht ze hunn op nationalem Plang, ouni awer den Intérêt vu Munnere an der Region ze vergiessen. Eng Gemeng déi op ass fir zukünfteg national an regional Projeten op hirem Gebitt.

Eis Projekte sinn dofir a grouss Domainer mat kloeren Délaien opgedeelt:

GROUSS PROJETEN

Den allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng finaliséieren ass eng weider Prioritéit, dës wäert awer mat ville Réuniounen virum definitiven Dépôt am gemeinsamen Dialog mat den concernéierten Awunner 2018 realiséiert ginn.

D'nächst Joer wëll d'Gemeng gemeinsam Gäert schafen, wou Leit aus der Gemeng sech treffen kennen an do zesumme biologeschen Geméisubau bedreiwen. D'Koppeshaus zu Altwis an d'Rei setzen ass eng Prioritéit mee hei muss een sech déi néideg Zäit huele fir e korrekten an kloeren Plang opzestellen, dofir geet d'Planung 2018 lass mee d'Bauarbechte wäerten eréischt méi spéit an der Législatur ugoen.

Eise Patrimoine an der Gemeng ass e wichtege Aspekt dofir leet dës Majoritéit, esou wei och schonn an der Vergaangenheet, e groussen Accent op d'Klasséieren an d'Renovéieren vun eisem Patrimoine bâti.

Nodeems d'Montée Ungeschick klasséiert ass geet et 2018 direkt un mat den Arbechte fir d'Restauratioun an d'Verschéinerung vun dëser historiescher Platz weiderzeféieren. Des Weidere ginn an deene nächsten 6 Joer d'Fassade vun den Kierchen zu Altwis (2018) an zu Elleng restauréiert. Zu Elleng gëtt och nach de Parvis esou wei e schonn am Gemengerot presentéiert ginn ass handicapéiertegerecht ëmgebaut. Grad ewéi och d'Kapell um Ellenger Kierfecht (2018) renovéiert an a Stand gesat gëtt.

Zu Elleng gëtt déi al Schoul renovéiert an ëmgebaut fir hei "Art et Création" eng nei, besser an adaptéiert Platz kennen unzebidden, wou am ënneschten Deel och en Multifunktionsraum entstoen wäert.

D'Schäpp "A Kréiech" ginn ëmgebaut an restauréiert fir hei e flotten "lieu de rencontre" ze realiséieren. Weiderhi gëtt och investéiert an déi historiesch Kierfechter zu Altwis, Elleng an zu Munnere wou op dëser Platz och eng Streewiss entstoe wäert, dës zesummen mam Projet vum Ëmbau vum Parvis.

Nodeems d'Gebailechkeete vum "Cristal Mondorf" renovéiert gi sinn, ginn 2018 d'Etuden un fir op der Plaz vum Hangar en adaptéierte Service technique ze bauen.

Am Tourismus sti grouss Projeten un, 2018 ginn eng Aart Tourismus- an Citymanager grad ewéi och eng Persoun fir an den Tourismusbüro agestellt. En neien Tourismusbüro mat Expositionsméiglechkeete wäert geschafe ginn grad esou wei Parkplazen fir Mobilhomen an Ecokabannen wäerten realiséiert ginn.

D'Majoritéit setzt sech och dofir an Geschäftsflächen ze kafen fir dat kommerziellt Ugebuet an eiser Gemeng ze vervielfällegen. Fir den Tourismus an de Commerce an eiser Gemeng ze stäerken setze mer ab 2018 eng Buslinn an, déi déi Stroossen vun eiser Gemeng, déi vun de staatlechen Busse nët ugefuer ginn, mam Zentrum verbënnt.

E Jumelage mat der Stad VALE DE CAMBRA (P) gëtt ëmgesat.

SCHOUL A JUGEND

2018 ginn d'Planunge lass fir den Ausbau vun der Schoul vu Munneref. Zousätzlech entseet "um Grëmelter" en neie Lycée an um "Badbëschelchen" gëtt 2018 e Scoutschalet gebaut. Eise Service de la Jeunesse soll weiderhin ausgebaut ginn, dëst besonnesch fir d'Vernetzung an eiser Gemeng ze verbesseren.

"Um Grëmelter" ass de Bau vun engem neie Lycée geplangt, och wann d'Gemeng net direkt um Bau involvéiert ass, hu mir awer Responsabilitéiten ze droen besonnesch wat den Timing vum Lycée ugeet.

SOZIALE WUNNENGSBAU, WUNNENGSBAU A SCHAFE VU WUNNRAUM FIR JONK FAMILIJEN

An deene leschte Joeren ass ganz vill am soziale Wunnengsbau hei zu Munneref geschitt, net nëmmen dass mer op 14 Wunnengen am Eegebesetz eropgaange sinn, et sinn och vill Steng an d'Rullen bruecht ginn.

Am Kader vum Bauprojet "Hinter der Kirch" wëlle mer Bauterrainen reservéiere fir jonk Familljen, dofir gëtt 2018 fir dee Projet en Deelbebauungsplang op den Instanzewee geschéckt. Grad esou wei d'Gemeng an Eegeregierung Wunnengen zu Altwis an der Munnereferstrooss realiséieren wäert.

De gezillten Opkaf vu klengen Appartementer am Zentrum vum Duerf ass e wichtege Projet fir am Kader vun der villfältiger Wunnengsproblematik besonnesch fir Leit an engem gewëssenen Alter seng Responsabilitéit ze huelen.

Fir Wunnengsraum fir sozial méi schwach Leit ze schafe gëtt 2018 dat fréiert Paschtoueschhaus zu Elleng an d'Haus op Nr 4, rue John Grün renovéiert. Baulücke sollen opgefëllt ginn. 2019 gëtt d'Haus op Nr 4, route de Mondorf zu Altwis renovéiert. 2020 entstinn nei Logementer an der route de Luxembourg. An der avenue Grande-Duchesse Charlotte zu Munneref gëtt gekuckt wat hei ze realiséieren ass. D'Haus op 3, rue Dicks zu Munneref gëtt renovéiert.

STROOSSENAARBECHTEN

Och 2018 gëtt d'Neigestaltung vun der N16 (rue de Luxembourg, rue Frantz Clément a route de Remich) weidergefouert esou wéi d'Erneuerung vun de Réseauen an de Stroossen am Zentrum vun Altwis och weiderhin eng Prioritéit ass.

Et gi Mesuren ergraff fir 2018 d'Vitesse vun den Autoen ze reduzéieren op der route d'Ellange an an der route de Réimech zu Munneref an enger éischter Zäit, mee all "entrée en localité" soll kontrolléiert an gegebenefalls iwwerschafft ginn. D'Verkéierssicherheit gëtt verstärkt an déi ëffentlech Belichtung gëtt moderniséiert. Eng Zone 30 gëtt am Zentrum vun Altwis agefouert. Infrastrukturaarbechte fannen an der rue Dolibois an an der avenue Dr Klein zu Munneref statt. Des Weidere ginn nei Parkinge gebaut bei der Grotte zu Altwis an an der rue de la Gare zu Munneref.

2020 sollen d'Infrastrukturaarbechten vum Projet "Hinter der Kirch" realiséiert gi souwéi och déi an der rue John Grün an an der rue Dicks zu Munneref. Weider Mesurë ginn et an der route de Luxembourg zu Munneref fir d'Vitesse erofzedrécken, e Parking entsteet beim Haus Koppes zu Altwis an et gi Kanalisatiounsarbechten zu Altwis an zu Munneref duerchgefouert.

DRÉNKWAASSER

2018 gëtt en neie Site fir Drénkwaasser ze faassen ugepaakt, dëst an Zesummenaarbecht mam SESE um Site "Plinesbongert". Ausbesserungsarbechte ginn et um Waasserbaseng Stengenerbësch an um Wouerbësch. Et gëtt analyséiert op d'Ëmsetze vun enger zentraler Enthaertungsanlag fir onst Drénkwaasser méiglech ass an wat d'Konsequenzen heivunner wieren.

SPORT A FRÄIZÄIT

2018 ass de Concours geplangt fir um Site "um Grëmelter" eng Sportshal, eng gedeckten Tennishal, eng gedeckte Piscine zesumme mat oppenen Elementer an engem Velodrome ze realiséieren.

Och soll Sportshal Roll Delles ausgebaut ginn, d'Planung heivun geet 2018 un. De Verkéiersgaart gëtt erëm belief, esou wéi och op dësem Site an Zesummenaarbecht mam Domaine Thermal eng nei grouss Spillplatz an Tennisterrainen realiséiert wäerte ginn. Velospiste sollen entstoën, an et gëtt un de Spillplatzen am Allgemengen geschafft.

ËMWELT AN ENERGIE

D'Renaturéierung vun der "Gander" gëtt kontinuierlech weidergedriwwen. 2018 mat der Mesure Nummer 2. Eng Photovoltaikanlag kënnt op den Centre Martialis zu Elleng an alternativ Heizanlagen zur Energiereduzéierung gi geplangt. D'Öffnungszäite vum mobile Recyclingspark ginn erweidert. Héichwaasserschutzmassnahme bei der "Gander" gi realiséiert. Als Klimapaktgemeng gi regelméisseg Aktiounen duerchgefouert fir d'Umweltbewosstsäin bei de Bierger ervirzeruffen an ze stäerken.

REGIONAL A KANTONAL PROJETË FIR D'REGIOUN MAT DEN NOPESCHGEMENGEN

D'Erweiderung vun der Zone "Triangle Vert" op der Ellenger Gare soll realiséiert ginn. Et gëtt analyséiert wei d'Zesummenaabrecht mat den Nopeschgemengen am Kader vum Bau vun engem neie Pompjeesbau beschtméiglechst ka realiséiert ginn. Eng weider verstärkten Zesummenaarbecht mat der Gemeng Duelem gëtt envisagéiert.

Dës geplangte Projetë sinn nëmmen en Deel vun den Aarbechten déi dës Majoritéit sech virgeholl huet a kënnen nëmme mat Hëllef vun de Gewielten an dem kompetente Gemengepersonal ëmgesat ginn. Fir all dës Projetë kënnen ze realiséiere wäert d'Gemeng Munneref op en Emprunt missen zeréckgräifen.

De Schäfferot hofft op eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht am géigesäitege Respekt. Hien hofft dass jiddereen sech mat Häerz a Séil asetzt fir déi weider Entwécklung vun eiser Gemeng.

Lex DELLES
Buergermeeschter

- Administratioun (Koordinatioun vun der Administratioun, dem Personal, den Etat Civil, dem Populatiounsbüro)
- Schoulwiesen a Schoulkommissioun
- Sozial Ugeleeënheeten
- Tourismus, Kultur a Commerce
- Sécherheet a Police
- Pompjeeën a Rettungsdéngschter
- Bauten
- Jugend an Kandsberäich
- Kultus, Kierchen und Kierfechter
- 3. Alter
- Chancengläichheet

Steve RECKEL
Schäffen

- Offall
- Recyclage
- Finanzen
- Subsiden
- Urbanismus

Steve Schleck
Schäffen

- Ëmwelt a Klimaschutz
- Sport a Fräizäit
- Mobilitéit/Verkéier
- Ausländerbetreuung
- Sécurité routière